

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Tourismus weiderzeleeden:

« Fir déi héich Nofro un doucer Mobilitéit z'ënnerstëtzen, déi duerch d'Pandemie opkomm ass, gouf d'lescht Joer während de Summerméint de sougenannte « Vélosummer » organiséiert, deen och e grouse Succès hat, quitt dass schlussendlech manner Gemenge matgemaach hunn, wéi geplangt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir Tourismus folgend Froe stellen:

- Ass virgesinn d'Initiativ « Vélosummer » dëst Joer ze widderhuelen ?*
- Sinn d'Ministere schonn a Gespréicher mat de Gemengen am Land fir dëst Joer nach méi eng flott Offer de Vélosfuerer kënnen ze presentéieren ?*
- Kënnen d'Häre Ministeren eventuell schonn éischt Detailer vum Vélosummer 2021 nennen ? Wann net, fir wéini kéint de Projet dem Public virgestallt ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu